# Bunnekontrollen

## Dispositiounen fir d'Bunnekontroll.

Kontroll vun de Bunnen geschitt a folgende Fäll, opgrond vum Kapitel XIII vum Spillreglement:

1. Bei enger neier oder emgeännerter Bunn

2. Bei enger Bunn, wou eng Reklamatioun um Bou steet oder bei engem Protest, oder zum Beispill bei engem Verdacht, datt eng Bunn, de Palteau oder d'Klatzen manipuléiert sinn

De Werdegang fir eng Kontroll :

1) D'Kontroll gett vun der TKN ordonnéiert bei enger neier oder emgeännerter Bunn.

a) De Bunnebesëtzer gett per Aschreiwes vun der TKN aviséiert, datt d'Bunnekontroller, zu engem, mat de Bunnekontroller am Viraus ofgematen Datum, d'Bunn kontrolléiere ginn.

Am Bréif muss vermierkt ginn, datt de Bunnebesëtzer innerhalb vun 8 Wierksdeeg kann en aneren Datum fir d'Kontroll ufroen.

b) D'Bunnekontroller, an déi Veräiner déi fir d'Kompetitiounen vun der F.L.Q. op der betreffender Bunn ageschriwwe sinn, kréien eng Kopie vum Schreiwes zougestallt.

c) Wann dem Bunnebesëtzer de proposéierten Datum net geet, kann hien innerhalb vun 8 Wierksdeeg der TKN schrëftlech en aneren Datum proposéieren, a muss seng Veräiner doriwwer informéieren.

d) TKN deelt dann de Bunnekontroller deen neien Datum mat, a confirméiert dem Bunnebesëtzer per Aschreiwes den neien Datum vun der Bunnekontroll, an schéckt och eng Kopie un déi op der betreffender Bunn ageschriwwen Veräiner.

e) D'Konrollere féieren hir Kontroll duerch, an stellen der TKN innerhalb 8 Wierksdeeg den Rapport zou, ouni iergendengem aneren d'Resultat vun der Kontroll matzedeelen.

f) D'TKN kontrolléiert opgrond vun dem Rapport, op déi kontrolléiert Bunn dem nationale Spillreglement entsprecht.

g) Ass daat de Fall, kritt de Bunnebesëtzer een Zertifikat zougestallt, datt seng Bunn an der Rei ass, mat dem Vermierk drop, datt dësen Zertifikat nëmme gülteg ass bis déi näischt Kontroll.

h) Dësen Zertifikat kréien och all Bunnebesëtzer, denen hir Bunnen dem Spillreglement entspriechen, vum Sekretariat vun der F.L.Q. op Uerder vun der TKN zougestallt,.

i) Ass déi kontrolléiert Bunn net konform zum Spillreglement, kritt de Bunnebesëtzer daat per Aschreiwes vun der TKN matgedeelt, mat engem détailléierte Rapport, an a waat fir engem Délai hien muss seng Bunn an d'Rei machen.

j) Déi op der Bunn fir d'Kompetitiounen vun der F.L.Q. ageschriwwe Veräiner, kéien vun der TKN eng Kopie vun dem Bréif zougestallt.

k) No dem Délai gett d'Prozedur vun den Artikelen a) – g) erëm eng Kéier ulaafe gelooss.

l) Ass duerno déi kontrolléiert Bunn nach nët konform zum Spillreglement, gett se vun allen Kompetitiounen vun der F.L.Q. ausgeschloss, bis de Bunnebesëtzer bereet ass seng Bunn dem Reglement no unzepassen.

m) De Bunnebesëtzer kritt dëst vun der TKN per Aschreiwes matgedeelt.

n) Déi Veräiner déi op der Bunn ageschriwwen sinn, kréien eng Kopie vun dem Aschreiwes.

o) Asprëch géint esou eng Décisioun mussen un d'Verbandsgeriicht adresséiert ginn..

2) Bei enger Bunn, wou eng Reklamatioun um Bou steet oder bei engem Protest

a) Eng Equipe, déi bei der offizieller Trainingsstonn feststellt oder de Verdacht huet, datt eng Bunn, de Plateau, d'Klatzen oder den Ulaaf net dem Reglement entspriechen, muss de Kapitän vun der Heemmannschaft respektiv de Bunnebesëtzer opfuerderen, alles dem Spillreglemenmt no an d'Rei ze maachen, ier d'Reklamatioun oder de Protest agereecht gett.
b) Op jidde Fall muss d'Reklamatioun respektiv de Protest, mam Vermierk vun der Auerzäit vum Viirfall, op der éischter Säit vum Spillbou vermierkt, an déi dozou noutwenneg Prozedur respektéiert ginn.
c) Et kann och direkt een Bunnekontroller oder en Member vun der TKN iwwer d'Feelverhalen per Telefon informéiert ginn.
d) Wann een vun de Kontrolleren oder Member vun der TKN direkt disponibel ass, kann en op der Plaatz d'Reklamatioun analyséieren.
e) Ass d'Reklamatioun berechtegt an Dispositiounen vum Spillreglement iwwer d'Bunn sinn net respektéiert, mëcht der Kontroller oder de Member vun der TKN en Rapport un TKN, déi dann déi néideg Dispositiounen trefft.
f) Déi getraffen Entscheedung vun der TKN gett dann dem Bunnebesëtzer an deene betraffenen Veräiner per Aschreiwes vun der TKN matgedeelt.
g) Wann et sech bei der Reklamatioun em ze glaat Klatzen, gesprayte Bunn oder ze glaaten Ulaaf handelt, kann de Kontroller oder de Member vun der TKN ordonnéieren, datt d'Klatzen, den Ulaaf oder d'Bunn direkt an d'Rei gesaat ginn.
h) Gett daat verweigert, gëtt d'Kompetitioun ënner Protest gespillt an d'Verbandsgeriicht gett ageschalt.

Beim Verdacht vu permanenter Manipuléierung vun enger Bunn, huet TKN d'Recht, d'Bunnekontrolleren eng Stonn virun all Kompetitioun d'Bunn, d'Klatzen, den Ulaaf an de Plateau kontrolléieren ze loossen, an der TKN doriwwer en Bericht zouzestellen, den dann och dem Bunnebesëtzer an denen op der Bunn ageschriwwene Veräiner per Aschreiwes zougestallt gett.

TKN kann awer och d'Bunnekontroller zu all Moment virun all Kompetitioun mat enger Bunnekontroll beoptragen, dëst besonnesch bei Spëtzemätcher.

Dës Dispositiounen sinn vum Verwaltungsrot festgehalen ginn an gëllen als Ausféierungsbestëmmungen fir d'Kapitel XIII vum Spillreglement, waat op der Generalversammlung vum 11.07.2009 guddgeheescht gouf.

Aly Jaerling
Nationalpresident